

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2022

Här President,

sou wéi d'Chamberrreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, un d'Madamm Gesondheitsminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.


De Kaméidi, deen duerch de Stroosseverkéier, Loftverkéier, Schinneverkéier an duerch Fräizäitaktivitéiten entsteet, huet Auswierkungen ob d'Gesondheet vum Mënsch. Wëssenschaftlech Etüden hu gewisen, datt de Kaméidi nieft aurale Wierkungen - d.h. d'Gehéier schiedegend - och eng ganz Rei vun extraaurale Wierkungen - d.h. negativ Auswierkungen op dat séilescht a kierperlecht Wuelbefannen, op d' Leeschtungsfäegkeet, op d'Aarbechtssécherheet, op d'Sproochverständlechkeet etc. - huet.

Duerch de starke wirtschaftlechen an demographesche Wuesstem zu Lëtzebuerg ass unzuhuelen, datt d'Belaaschtung duerch de Kaméidi, net just duerch de Verkéier, zouhuele wäert.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Experts bruit schaffen den Ament um Ëmweltministère, fir sech mat där uewe genannter Problematik ze beschäftegen?
2. Wéi vill Experts bruit goufen an de Joren 2019, 2020 an 2021 vum Ëmweltministère agestallt?
3. Wéi eng Qualifikatioun hunn dës Experts bruit, déi beim Ëmweltministère schaffen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten